

Ech wëll och net ëmmer soen Alzheimer. Haut huet all Mënsch Alzheimer. Fréier hat all Mënsch Arterienverkalkung. Ob et dat eent oder dat anert ass, dat ass am Fong geholl egal, well ënnert dem Stréch ass et datselwecht. Ma neen, d'Leit sinn och keng 80 a keng 85 an 90 Joer al ginn; Eenzelner, awer net d'Majoritéit. Duerfir mengen ech, vun dohier komme selbstverständlech ëmmer méi där Leit. A mir gesi jo och de Moment, dass dat ongeféier den Alter, wou d'Leit an esou eng Institutioun ginn, ëm déi 85 Joer ass. Et ass also net méi, dass ee mat 60 Joer geet.

Mä dat, wat ech denken, wat och wichteg ass, dass sinn esou alternativ Logementsstrukturen. Soss hu mer ëmmer nëmmen entweder d'Fleegeheimer oder mir hunn d'Centre-intégréen. Mir hunn da selbstverständlech Netzer vun Aides et soins à domicile, y compris ugefaange bei de Club-Senioren iwwert d'Centres psycho-gérontologiques; dat heescht, déi Foyer-de-jouren, wou d'Leit kënnen dragoen.

Dann denken ech awer, eppes wat felt, si besonnesch och déi Logements encadrés. Mir wäerten elo an deenen nächste Wochen deen een oder deen aneren dovunner a Bëtrib huelen an dann och kucken, awéiwäit dass Nofro ass. Well d'Leit soe jo dann ëmmer: Dir musst dat maachen, mir brauchen dat, a wann et driwwer hiergeet, da kënnt et awer heiandsdo net un.

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

De fréiere Buergermeeschter vu Walfer, dee weess sech dorunner ze erënneren, dass mer esou en Haus zu Walfer haten, „am Becheler“, wou et relativ laang gedauert huet, bis mer Leit dora kritt hunn. Bis dann eng prominent Persoun vu Walfer dragaangen ass. Dunn hunn déi aner fonnt, wann déi kéint dohinner goen, da kéinte si och goen. Dat geet jo heiandsdo esou, besonnesch zu Lëtzebuerg.

Vun do aus mengen ech also, dass et wichteg ass, dass een dat probéiert a kuckt, fir eben och domadder Disponibilitéiten op anere Plazen ze kréien. Et muss ee jo net onbedéngt an esou engem Centre sinn, deen awer mat vill Personal fonctionnéiert, wann een et eigentlech net brauch.

Mir wäerten och vum Familljeministère aus an deenen nächste Méint eng Konferenz iwwer esou Projeten organiséieren, fir ze kucken, wéi d'Demande ass, fir och ze kucken, wéi d'Erfahrungen am Ausland sinn an esou virun.

Den Här Scheuer huet mech och gefrot, wéi vill ech géif mengen dass Leit an esou Institutiounen sinn. Et ass eigentlech ni e Geschäft, Här Scheuer. An all déi, déi Betreiber sinn an iergendenger Aart a Weis, déi wëssen dat och.

Mä et ass festgestallt ginn, dass eigentlech eng Zuel zwëschent 80 an 120 eng Form wier oder eng Gréisst wier, vun där ee kéint soen, dass dat ongeféier géif deem entsprechen, wou et fir déi, déi dra géife wunnen, awer nach gutt wier, ouni dass et also ze vill grouss géif ginn, an awer och fir déi ganz Infrastruktur ronderëm, wéi eben eng Kiichen, eventuell och nach d'Wäsch - well dat gétt ewell meeschtens net méi op därselwechter Plaz gemaach -, iwwerhaapt e bësselche rentabiliséiert ze kréien, loosse mer et emol esou nennen. Mä et ass am Fong net méi esou, dass ee seet: Hei, wier et dann net méi einfach, mir géifen elo en Haus vun 300 Leit do op déi Plaz setzen? Amplaz awer a méi enge mënschleche Gréissten do ze bleiwen.

Dann hutt Dir mech gefrot, wéi et wier mat der Kohabitatioun zwëschent dementen an net demente Leit. Dat ass och eng Diskusioun, déi anescht ausfällt, deemno vu wéi enge Spezialiste se gefouert gétt. Déi eng, déi soen, et wier besser, wann dement an net dement Leit beienee sinn. Dat war och laang meng Meenung, déi ech gehollef hat verdeedegen, well dann déi Leit, déi dement sinn, nach vun deenen aneren e bësselche méi - wéi soll ech dat soen? - awer gedroe ginn a gehuwe ginn, amplaz dass, wann nëmmen dement Leit beienee sinn, se éischer riskéieren allegueren no ënne gezunn ze ginn. Dat ass e bësselchen esou wéi bei Kanner; wa lauter Gescheiter beienee sinn, ass dat net gutt, a wa lauter manner Gescheiter beienee sinn, ass et warscheinlech och net gutt.

Elo muss ech awer soen, dass ech och verstinn an duerfir och d'accord sinn, dass an engem Haus kënnen Differenze gemaach ginn zwëschent deenen eenzelne Leit, déi do sinn, fir mengetwegen ze soen, do maache mer eng Statioun oder do maache mer eng Unitéit, wou lauter dement Leit beienee sinn, well et och fir déi, déi net dement sinn, awer ka ganz schwéier ze erdroe sinn, fir de ganzen Dag Leit ze gesinn, déi eben awer wierklech och net méi ëmmer wëssen, wat se maachen.

Vun dohier mengen ech ewell, dass et zu engem Deel wichteg ass, dass ee getrennten Institutiounen huet, dass dat Haus och fir Alzheimer zu lerpeldeng, mä dass et awer op där anerer Säit och wichteg ass, dass an engem Haus selwer déi eng an déi aner Leit mat kënnen en charge geholl ginn. Dass jo aus den Explikatiounen vun der Madame Frank ervirgaangen, dass dat och elo de Fall hei zu Bäerbuerg wäert sinn. Vun dohier denken ech, dass dat eigentlech dee beschte Wee ass.

Wéi vill Afloss dass mer hunn, fir dement ze ginn oder et net ze ginn, ob dass dann duerch d'Ëmwelt oder ob et duerch aner Froe kënnt, dass weess ech net. Ech denken, et ass hei Rieds gaangen och iwwer Leit, déi alkoholkrank sinn. Do ass natierlech d'Method méi einfach. Wann een ophält mat drénken, dann ass d'Liewer en Organ, wat sech erëm ganz séier regeneréiert. Mat de Gehirzellen ass et e bësse méi schlecht, mä awer bei anere Krankheeten ass dass bis haut net erwise.

Ech kann awer duerfir och net ausschléissen, dass et effektiv och kéinten Ëmweltbe-laschtunge sinn, déi géifen dozou féieren, dass d'Leit eben net méi esou fit sinn, wéi dat misst sinn. Mä wéi gesot, doriwwer gétt et keng schlussfolgernd Statistiken oder Etüden.

Ech géif wëllen all deene Merci soe fir hire positive Bäitrag, déi hei dozou geschwat hunn. An ech géif och wëllen dem Carlo Wagner soen, dass mer gutt gestiwelt si mat deenen Haiser, wann déi elo alleguerte fäerdeg gebaut sinn, ob dass zu Jonglënster, zu Bäerbuerg oder zu Gréiwemaacher ass, an da mengen ech och dass zu lechternach, wat fäerdeg ass. Mä do sinn eng ganz Partie vun Institutiounen. Wann Der wëllt, kënnt Der nokucken am Rapport vum Familljeministère, wou Der se gesitt op enger Landkaart, wéi vill dass der am Oste sinn. Ech mengen net, dass et do méi schlecht wier, wéi am Rescht vum Land.

Nichtsdestrotrotz bleift...

» M. Carlo Wagner (DP).- Madame, entschëllegt, da kënne mer elo vill Leit nees aus Däitschland zrëckhuelen op déi richteg Säit vun der Musel.

» Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille et de l'Intégration.- Wa se dat wëllen - well dass ass nämlech eng aner Fro. Ech hunn och Leit erlieft, deenen ech am Ausland begéint sinn an Institutiounen, wou d'Familljen drop gehalen hunn, dass se sollen heemkommen, mä wou d'Leit gesot hunn, ma loosst eis hei, hei si mer gutt an hei si mer frou a mir géife gären heibleiwen! Dann ass et och kloer, dass ee muss respek-téieren, wat d'Leit wëllen.

Am anere Fall, jo, selbstverständlech. Déi, déi wëllen eriiwwerkommen an déi elo nach gemellt sinn hei zu Lëtzebuerg, sollen dat maache kënnen. Dass musst Der awer dann de Leit och soen. Vu dass net jiddferen dass hei elo nolauschtert a liest, wier et gutt, wann d'Leit sech awer och géife mellen, dass se erëm géifen zrëckkommen, well soss riskéieren déi jo néierewou op enger Lëscht ze sinn. Vun dohier wier dass natierlech awer wichteg.

Voilà, Dir Dammen an Dir Hären, ech géif lech villmools Merci soen an ech garantéieren lech, dass et net déi leschte Kéier ass, wou ech mat esou engem Projet heihinner kommen.

Merci.

» Plusieurs voix.- Très bien!

» M. le Président.- Mir soen der Madame Minister Merci fir hir Ausféierungen a mir kommen elo zum Vote iwwert dëse Projet de loi, d'Vergrëisserung vum Bäerbuergers Altersheem.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5723 ass eestëmmeg ugeholl mat 59 Jo-Stëmmen, bei kenger Nee-Stëmm a kenger Abstentioun.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner (par M. Marcel Oberweis), Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen (par M. Laurent Mosar),

MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert (par M. Lucien Thiel), Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sonnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

M. Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Xavier Bettel), M. Emile Calmes (par M. Charles Goerens), Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen (par Mme Colette Flesch), Paul Helminger, Alexandre Krieps (par M. Paul Helminger), Claude Meisch (par M. Carlo Wagner) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par Mme Viviane Loschetter), Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes (par M. Gast Gibéryen), Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

Ech géif d'Chamber wëlle froen, ob se d'accord ass, dass mer aus technesche Grënn elo zum Vote kommen iwwert d'Resolutioun betreffend d'Konte vun der Cour des Comptes. Ass d'Chamber d'accord, fir dee Vote elo virzehuelen?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

4. Résolution de la Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire concernant les comptes de l'exercice 2005 de la Cour des Comptes

D'Resolutioun huet folgende Wortlaut:

Résolution

La Chambre des Députés,

- vu que le réviseur des comptes de la Cour des Comptes estime dans son rapport que «les comptes annuels ci-joints donnent, en conformité avec les prescriptions légales et réglementaires en vigueur au Luxembourg, une image fidèle du patrimoine et de la situation financière de la Cour des Comptes au 31 décembre 2005 ainsi que des résultats de l'exercice se terminant à cette date»;

- vu que la Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire a marqué au cours de sa réunion du 1^{er} octobre 2007 son accord avec le rapport du réviseur des comptes;

approuve

les comptes de l'exercice 2005 de la Cour des Comptes.

Mir kommen elo zum Vote iwwert dës Resolutioun.

Vote

D'Resolutioun ass eestëmmeg ugeholl mat 59 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner (par M. Marcel Oberweis), Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen (par M. Laurent Mosar), MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert (par M. Lucien Thiel), Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sonnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

M. Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Xavier Bettel), M. Emile Calmes (par Mme Colette Flesch), Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen (par M. Carlo Wagner), Paul Helminger, Alexandre Krieps (par M. Charles Goerens), Claude Meisch (par M. Paul Helminger) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par Mme Viviane Loschetter), Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes (par M. Gast Gibéryen), Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen elo zum Projet de loi 5618 sur le service volontaire des jeunes. Et si bis elo ageschriwwen: den Här Bettel, d'Madame Dall'Agnol, den Här Adam an den Här Gibéryen. D'Wuert huet elo d'Rapportrice vun dësem Projet de loi, déi honorabel Madame Nancy Arendt.

5. 5618 - Projet de loi sur le service volontaire des jeunes, modifiant 1° le Code des assurances sociales, 2° la loi modifiée du 19 juin 1985 concernant les allocations familiales et portant création de la Caisse nationale des prestations familiales et abrogeant la loi du 28 janvier 1999 concernant le service volontaire

Rapport de la Commission de la Famille, de l'Égalité des chances et de la Jeunesse

» Mme Nancy Arendt (CSV), rapportrice.- Merci, Här President. De Service volontaire des jeunes ass keng nei Erfindung, mä en ass déi éischte Kéier virun aacht Joer am Kader vum Gesetz vum 28. Januar 1999 geregelt ginn.

D'Iddi, sech un engem Projet ze bedeelegen, wou Jonker sech an den Déngecht vun der Allgemengheet stellen, ass also net komplett nei, mä et geet bei dësem Gesetz haaptsächlech dorëms, fir dat bestehend Gesetz ze verbessern an et mat engem méi prezisen an erweiderte Kader auszustatten.

Dee virleiende Gesetzesprojet prezisiéiert och besser d'Objektiver vum Service volontaire, Objektiver, déi sech iwwerschneide mat deenen, déi am europäesche Programm Jeunesse en action définéiert sinn, an zousätzlech passt e sech och un d'Exigence vun der europäescher Direktiv vum 13. Dezember 2004 vum Conseil vun der Europäescher Unioun un.

Ee vun den Ziler vun dëser Direktiv ass et, d'Mobilitéit vun de Bierger, virun allem fir déi Jonk, déi dann och net aus der Europäescher Unioun kommen, ze förderen. Dëst dréit zu engem bessere Versteedsdemech tëschent deene verschiddene Kulture bäi an et bedeit och eng besser Kooperatioun op internationalem Niveau.

Virreider am Fräiwëllegendéngscht waren Däitschland an England, wou de Volontariat zënter Jorzéngten etabliéiert an och geregelt ass. Lëtzebuerg hat sech, wéi gesot, am Joer '99 fir d'éischt emol e juristesche Kader op dësem Gebitt ginn, fir sech eng gewësse Sécherheet ze gi fir all déi Volontariatsprojeten, déi eist Land matgedroen huet ënnert dem Impuls vun der Europäescher Unioun.

Tëscht dem Joer '99, wou d'Gesetz iwwert de Service volontaire a Kraaft getrueden ass, an dem Oktober 2006 - a ronn siwe Joer also - huet de Lëtzebuergesche Fräiwëllegendéngscht e grouse Succès kann. Et hunn 130 jonk Leit, déi zu Lëtzebuerg wunnen, sech u Volontariatsprojete bedeelegt, wouvun 98 Jugendlecher hiren Déngecht am Ausland geleescht hunn. Während deemselwechten Zäitraum sinn 157 jonk Leit aus dem Ausland op Lëtzebuerg komm, fir hire Fräiwëllegendéngscht hei bei eis ze realiséieren.

No de Responsabele vum Service national de la Jeunesse wäert an Zukunft d'Zuel vun de fräiwëllegen Engagementer nach weider eropgoen. Et ass och den erkläerte Wëlle vun de Memberstaten, fir nach méi de perséinlechen Engagement vun de Jonken ze ënnerstëtzen, déi sech u Projete bedeelegen, déi de Volontariat als Basis hunn. Et ass eng Tatsaach, dass de Volontariat fir déi Jonk eng grouss Opportunitéit duerstellt, déi hinnen d'Méiglechkeet gétt, am Kader vun engem Projet hir Capacitéiten an hir Kompetenzen ze entwéckelen, déi virun allem ganz nützlich fir hir Zukunft kënne sinn. An ech mengen, et ass grad dass, wat sécherlech zum Erfolleg vum Fräiwëllegendéngscht bäidréit.

Här President, de Volontariat ass a bleift e Service am Interessi vun der Kollektivitéit, deen net lukrativ ass an deen zum Benefiss vun der Allgemengheet bäidréit. E kann duerch keng bezuelten Aarbecht ersat ginn. De Fräiwëllegendéngscht ass eng beräi-

chernd Initiativ. Et ass e formidabelt Formatiounsinstrument, dat zur Ausbildung vum Jonke bäidréit. Et ass eng nobel Beschäftigung fir e Jonken, dee sech vläicht an der Transition zwëschent der Schoul an der Aarbechtswelt befënnt. E gëtt souguer och ëmmer méi dacks als supplementar Offerte genotzt fir dee Jonken a Schwieeregkeeten, deen, dee seng Schoul vläicht net fäerdeg gemaach huet, a während dëser Zäit elo d'Méiglechkeet kritt, fir iwwer seng Zukunft nach eng Kéier nozedenken a sai Liewen nei ze orientéieren, während hien déi éischt professionell Experienze sammelt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech ginn net op all d'Artikelen an d'Adaptatiounen vum neie Gesetz an - dat hunn ech ganz däitlech am schrëftleche Rapport gemaach -, mä erlaabt mer vläicht déi wichtegst ervirzehiewen.

Den Artikel 1 vum Gesetz definéiert d'Objektiver vum Service volontaire. Et sinn déi, déi am Kader vun der europäescher Décisioun, déi den europäesche Programm Jeunesse en action op d'Bee setzt, festgeluecht gi sinn. De Statsrot huet virgeschloen, sech un déi Décisioun ze halen. D'Familljekommissioun ass och där Suggestioun nokomm. De Volontariat riicht sech virun allem un déi Jonk, déi aus der Schoul oder vun der Uni kommen an déi éischt Erfahrungen an engem spezifesch Beräich sammelen. Dëst ka fir de spéidere Beruff vu grousssem Virdeel sinn.

Den Artikel 2 definéiert d'Applikationsfeld, wou de Fräiwëllegendéngscht ka geleescht ginn. E spillt sech virun allem am sozialen an am éducative Beräich, der Kultur, dem Tourismus, dem Sport, der internationaler Kooperatioun oder der Ëmwelt of. Weider Applikationsfelder sinn den Engagement fir de Friden oder déi international Réconciliation tëschent de Völker.

Déi grouss Majoritéit awer vun de Fräiwëllegendéngschter fënnt een am soziale Beräich, wéi zum Beispill am Kader vun engem Altersheem oder engem Foyer fir behënnert Leit. Et ka sech awer och an engem sozioéducative Beräich ofspillen, wéi zum Beispill a Jugendhaiser, déi ganz oft flott Iddi fir de Fräiwëllegendéngscht realiséieren. Aner Projete ginn awer och oft am kulturellen oder am sportleche Beräich realiséiert, wou grouss Manifestatiounen virbereet oder begleet ginn, wéi eben elo grad am Beispill vum Kulturjoer, oder ech denken och u grouss Sportsmanifestatiounen.

Déi Jonk siche sech Volontariatsprojete geziilt no hire perséinleche Motivatiounen aus. Selbstverständlech ass awer och bei ville Jonken de kulturellen Austausch wichteg, an do sinn et natierlech all déi Projeten, déi mat der Entwécklungshëllef ze dinn hunn, déi do och onheemlech interessant erschéngen.

Wa vill Leit hei am Land wëlle bleiwen, esou ass d'Ufro fir an d'Ausland ze goen awer grouss. Demanden, fir de Volontariat ausserhalb vun der Europäescher Unioun ze maachen, huelen zënter e puer Joer stänneg zou a sinn am Moment schrecklech beléift bei deene Jonken.

Et ass den 3. Artikel, deen op déi wichteg Roll vun den Organisatiounen, déi de Service volontaire ubitt, ageet. Fir d'éischt muss eng Demande vun der Organisatioun virleien, déi d'Natur vun de Missiounen vum Volontariat festleet, gradesou wéi gekuckt gëtt, ob d'Organisatioun och déi finanziell Capacitéiten an dat néidegt Personal huet, fir esou e Service ze leeschten.

Den Agrément huet eng Dauer vun elo dräi Joer a ka selbstverständlech erneiert ginn. D'Gestioun vun den eenzelne Projete wéi awer och d'Admissiounen vum Volontairen ass d'Aufgab vum Service national des Jeunes.

D'Prozedur gëtt am Kader vum virleiende Gesetzesprojet vereinfacht. De Minister brauch net méi all eenzelne Projet zouzelossen, hie léisst nach just d'Organisatioun selwer zou. De Minister kritt och d'Méiglechkeet unerkannt, enger Organisatioun den Agrément ewechzehuelen, wann d'Konditiounen vum Agrément net méi gi sinn oder d'Organisatioun duerch hiert Handeln d'Sécherheet vum Volontaire op d'Spill setzt.

Am Kader vun der Gesetzgebung, déi bis haut bestanen huet, kënnen nëmmen ONGe Volontariatsprojeten ubidden. Dës Restriktioun féiert dozou, dass eng Rei vun Arichtungen, déi interessant Volontariatsprojete kéinten ubidden, vun der Organisatioun vun esou Projeten ausgeschloss wäeren.

Den Text vum 3. Artikel ass och deen, deen de Statsrot virgeschloen huet, ausser dass d'Familljekommissioun der Meenung war, et misst ee vun Organisme de droit public ou privé schwätzen, ouni ze preziséieren, dass et sech ëm eng A.s.b.l. handelt. Esou eng

Prezisioun hätt zur Konsequenz gehat, dass sämtlech Etablissements, déi net d'Form vun enger A.s.b.l. hunn an awer super Projeten ubidden kéinten - staatlech oder parastaatlech Institutiounen, Gemengen, Altersheemer, Fleegeheemer -, ausgeschloss wäeren, an dat wär immens schued gewiescht.

D'Ouverture, déi mer elo am Gesetzestext hunn, wäert et erlaben, dass an der Zukunft méi Projeten ugebuede ginn, déi op méi jonk Leit mat Problemer geziilt sinn. De Service volontaire d'orientation, deen neie Programm, deen de Service national de la Jeunesse virun e puer Deeg gestart huet an dee sech virun allem u Jugendlecher ouni Schoulouf Schloss riicht, wäert vun dëser Ouverture profitéieren. Dëse Programm bitt deene Jonken eng praktesch Experienz un an eng personaliséiert Begleitung a Berodung an der Ausschaffung vun engem Incertiounsprojet, sief et, dass se nees an d'Schoul oder an d'Berufswelt ginn.

Am 4. Artikel geet et ënner anerem ëm den Alter, fir sech kënnen fir de Volontariat ze melden. E gëtt vu 25 Joer op 29 Joer eropgesat. Wat d'minimal Altersgrenz ugeet, esou leet deen neien Text kee prezisen Alter fest. Hie gesäit awer vir, dass déi interesséiert jonk Leit mussen hiren obligatoresche Schoulouf Schloss hannert sech hunn. An der Praxis heescht dat, dass keen ënner 16 Joer wäert kënnen un engem Volontariatsprojet deelhuelen.

Dee Jonke muss beim Service national de la Jeunesse enregistriert sinn an entweder zu Lëtzebuerg wunnen, an der Europäescher Unioun oder an engem Baitrëtsland. Si kënnen awer och aus engem Land kommen, dat entweder e kulturellen oder Kooperationsaccord mat eis ofgeschloss huet, oder aus engem Land kommen, dat am Artikel 5 vun der Europäescher Décisioun vum 15. November viséiert ass, wéi zum Beispill e Land vun der Association européenne de libre-échange, wéi d'Schwäiz oder Liechtenstein. Zum Schluss vum Déngscht kritt de Fräiwëllegen eng Attestatioun, déi d'Datumen an d'Natur vu sengen Aarbechte festhält, mat enger Beschreiwung vu senger Formatioun gradesou wéi eng Evaluatioun vun der gewonnener Erfahrung.

De virleienden Text beschreift och méi prezis d'Konditiounen, ënnert deenen de Volontariat sech ofspillt. Virun allem ginn d'Aufgaben, d'Responsabilitéiten an den Encadrement vun de jonke Fräiwëllege wéi och d'Verpflichtungen vun den Organisatiounen, déi e Service volontaire ubidden, elo méi kloer definéiert.

Am 5. Artikel steet, dass eng schrëftlech Konventioun tëschent dem Volontaire an der Organisatioun ënnerschiwwen ka ginn. Dës Konventioun gesäit zum Beispill vir, fir d'Schaff- an d'Rouzäite festzehalen, wéi eng Tächen de Volontaire erfëlle muss, wéi eng Formatioun hie kritt a wat fir eng Moyenen hien zur Verfügung gestallt kritt. D'Organisatioun verflucht sech, de Volontaire während dem ganze Service volontaire ze betreien. Et gëtt festgehalen, dass et eng Ganzzäit-Aktivitéit ass zwëschen dräi Méint an engem Joer, déi maximal bei Ausnahmefäll vum Minister op 18 Méint kéint ausgedehnt ginn.

De Service volontaire bréngt natierlech eng Rei vun Avantagen an Ureizer mat sech: Rees-, Wunnengs- an lesskäschte gi vun den Organisatiounen, déi esou Projeten ubidden, respektiv vum Stat iwwerholl, wat natierlech immens interessant ass fir déi Jugendlech aus manner gutt bemëttelte Familljen.

De Volontaire kritt e klengt Täschegeld, wat allerdéngs net méi héich däreft si wéi e Fënnel vum Mindestloun, an e gëtt sozialversichert. E gëtt vun der Organisatioun, wou en den Déngscht leescht oder déi e fort-schéckt, bei der Kranken-, Unfall- a Pensiounskeess ugemellt, während der Dauer vu sengem Service. Dat heescht also, dass d'Zäit vum Volontariat och duerno als Pensiounszäit ugerechent gëtt. Zousätzlech muss och eng Haftpflicht fir de Volontaire ofgeschloss ginn. D'Kannergeld gëtt iwwerengs och weider ausbezult, zumindest bis 27 Joer. An déi Jonk, déi am Fräiwëllegendéngscht tätég sinn, däreften, gradesou wéi d'Studenten, gratis mam öffentliche Transport fueren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den Text, dee mer haut vun der Chamber virleien hunn, divergéiert vun deem, deen den 11. Oktober 2006 an der Chamber depouéiert gouf. D'Familljekommissioun huet nämlech eng Rei vun Amendementer ugeholl, virun allem fir de kritesche Bemierkung vum Statsrot Rechnung ze droen, an huet gréisstendeels d'Virschléi vum Statsrot iwwerholl.

Ech wëllt just awer op een Artikel zrëckkommen, an zwar den Artikel 6, dee sech op déi verschidden Interventiounen vum Stat bezieht.

Den initialen Text huet d'Fro vun der Finanzéierung duerch de Stat net kloer behandelt. Et ass awer e wichtigen Aspekt, esou dass d'Familljekommissioun sech um Text vum Statsrot inspiréiert huet, mä en awer net ganz iwwerholl huet. Mir wollten eis eng gewësse Flexibilitéit loossen um Niveau vun der Festleeung vum maximale Betrag vun der Prise en charge. Just beim Täschegeld ware mer domat d'accord, fir et iwwert de Wee vun engem Règlement festzeleeën. Dat anert géif wierklech ze komplizéiert ginn, fir all Kéiers de Règlement missen ëmänneren ze goen.

Här President, ech kommen zum Schluss vu menger Ried. De Volontariat ass e villsäitegt Instrument, en nobelt Engagement, eng interessant Erfahrung fir e Jugendleche sai Liewen ze beräicheren. Et ass eng Betreibungsméiglechkeet, eng Opfänkméiglechkeet, eng positiv Beschäftigung fir Jonker, déi tëschent Schoul a Beruff stinn, déi eng praktesch Experienz fir de Jonken zum Benefiss vun der Allgemengheet matbréngt.

Meeschtendeels sinn d'Projeten zum Virdeel fir déi, déi vun engem Service vun deem Jonke profitéieren, mä selbstverständlech ass et virun allem eng Bereicherung fir dee Jonken, dee sech dësem Engagement widmet. E weist, dass de Jonke motivéiert ass eppes ze hëllefen an dass e seng Energie an den Notze vun eiser Gesellschaft stellt, an et wierkt bestëmmt och gutt op engem Curriculum vitae.

Aus all deene Grënn war d'Familljekommissioun unanime der Meenung, dass mer dëse Projet stëmme sollten, an ech hunn d'Eier fir den Accord vun eiser CSV-Fraktioun ze bréngen.

Ech soen Iech Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Madame Arendt. Den honorabelen Här Bettel huet elo d'Wuert.

Discussion générale

» **M. Xavier Bettel (DP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt wëll ech der Madame Kemp-Arendt Merci soe fir de Rapport. Mir hunn haut den Text 5618 iwwert de Service volontaire des jeunes.

Verschiede Leit behaupten, 5618 ass net wäit ewech vu 5611, wéi mer iwwert de Problem vu jonk Leit an Aarbecht diskutéiert hunn, an dass de 5618, dee mer haut stëmmen, och indirekt mat jonke Leit a mat Aarbecht ze dinn huet. Verschiede Leit behaupten souguer, dass de 5618 et erlaabt, verschiede jonk Leit, déi ee soss am Chômage hätt, nach net an den Zuele vum Chômage ze rechnen an dass ee se doduerch op jidde Fall kéint beschäftigen.

Ech wëll och hei nach eng Kéier soen, deemools wéi de 5611 gestëmmt ginn ass vun de Majoritéitsparteien, dass déi Aussoe vum Här Premierminister, dass déi jonk Leit gär Vakanz géife maachen an net direkt eng Aarbecht géife sichen, nach ëmmer net stëmmen, mä dass haut eise System ganz oft ass, dass, wann ee vun der Uni oder vun der Schoul kënnt oder seng Schoul ophält, een net weess, wat ee soll maachen. Dass ee verluer ass.

Mir hunn eng ganz Rëtsch vu Servicer, mir hunn de CPOS, etc. Mä déi sinn do fir d'Leit, déi nach an der Schoul sinn. A wann een aus dem Système scolaire eraus ass, ass et ganz schwéier, Infoen ze kréien an iwwerhaupt ze wëssen, wat ee soll maachen.

Et kann ee sech e puer Froe stellen, firwat elo 29 Joer zrëckbehale ginn ass. An anere Länner ass keng Limite d'âge zrëckbehale ginn. D'Décision européenne gesäit déi Limite och vir, dat heescht, mir bleiwen am Kader vun der Europäescher Décisioun. Mä et kann ee sech d'Fro stellen, ob een net vläicht hätt kënnen bis 35 Joer goen - keng Angscht, et ass net, dass ech elo nach gär géif dohinner goen, well ech nach keng 35 Joer al sinn -, firwat ee grad 30 Joer gehal huet; dass ee vläicht eng Limite vu 35 gehat hätt fir dee Service volontaire pour jeunes. Verschiede Leit fille sech och nach mat 35 Joer jonk.

(Brouhaha général)

Wou ech Recht hunn, hunn ech Recht! D'Madame Dall'Agnol ënnerstëtzt meng Positioun.

Ech fannen et awer och wichteg, dass mer duerch deen heiten Text d'Prestataire, déi esou kënnen Service volontaire ubidden, opmaachen, och op privat an net nëmmen op ONGen; dat ass wichteg. Et huet een och de Succès gesinn, dee komm ass bei de Leit, bei deem Service, deen offréiert ginn ass.

D'Fraktioun vun der Demokratescher Partei wäert dësen Text stëmmen. Well fir eis ass et wichteg, dass ee fir déi jonk Leit, déi, déi an de Studië sinn, all Échange ënnerstëtzt, ob dat en Erasmus-Programm ass, wou de Jonke kann an d'Ausland studéieren goen. Och dat heiten ass eng Méiglechkeet fir de Cordon ombilical mat den Eltere kënnen ze schneiden, wa se et eben net mat de Studië kënnen maachen, och fir eng gewëssen Zäit an d'Ausland kënnen ze goen, a fir eng Bonne cause, fir och vläicht d'Scheiklappen ze verléieren bei Verschiddener an och fir kënnen selbstänneg ze liewen, och am Ausland kënnen ze schaffen, an dat alles och net an engem Business-Sënn, mä am Zweck fir anere Leit kënnen ze hëllefen.

Ech wëll der Madame Ministesch zwou Froe stellen. Ech wier frou wann ee vun der CSV-Fraktioun dann hirer Ministesch duerno kéint meng Froe weiderginn.

Déi eng Fro ass: Et ass virgesinn, dass eng Commission d'accompagnement kënnt. Do ass nämlech eng Proposition vum Conseil national des étrangers komm, ob déi kéinten e Member an där Kommissioun kréien. Verschiede Ministere maachen dat ëmmer. D'Madame Jacobs mécht awer och ganz oft, dass mer, wa mer e Gesetz stëmmen, e Règlement grand-ducal duerno scho bei den Texter hunn. Haut ass dat net de Fall. Dowéinst wär et gutt, wann d'Ministesch eis kéint e puer Infoen ginn, wat se wëllen huet an de Règlement grand-ducal ze setzen.

Dann zweetens hunn ech nach eng kleng Fro: Wann een elo an d'Ausland e Stage maache gaangen ass, e volontair Stage, oder een hei am Land ass, wat de Contrôle ass, deen a posteriori stattfënnt. Et si verschide Saache virgesinn. Ech géif et awer ganz wichteg fannen, dass dee Jonken, deen dee Service volontaire gemaach huet, duerno och eng Evaluatioun mécht vu sengem Service an dass Dir als Ministère - et ass also virgesinn, dass gewëssen Evaluatiounen solle gemaach ginn - géift kucken, och um Niveau vun där Kommissioun d'accompagnement, ob déi positiv oder manner positiv, och fir déi, déi am Ausland waren, kënnen jugéiert ginn.

Et ass am Text virgesinn, dass esou eng Evaluatioun soll gemaach ginn, mä et ass net bannend. Et muss net gemaach ginn. Et ka gemaach ginn.

Et sinn och nach aner Avisë komm, déi gesot hunn: „l'État peut“ oder „l'État doit participer aux frais“. Ech mengen, wa mer privat Betriber hei solle vläicht mat abannen, wier et och falsch se ze privéieren, fir iwwerhaupt kënnen eppes matzebezuelen. Dat ass am Avis komm vum Conseil national des étrangers, dee gesot huet, dass een dat misst änneren.

Mir froen dat net. Ech mengen et ass wichteg, dass de Stat kann hëllefen, do wou e soll hëllefen an do wou en net muss hëllefen. Net d'Obligatioun vum Stat soll virgesinn, dass ee muss hëllefen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dëse Projet de loi huet eng Wichtigkeet fir jonk Leit. Wéi gesot soll et net eng détournéiert Manéier si fir jonk Leit net an den Zuele vum Chômage ze hunn a se dann ze exportéieren an iergendee Programm am Ausland, mä et ass geduecht fir jonke Leit eng Formatioun an eng Experienz ze ginn. Fir eis ass et eng wichteg Saach. Et gehéiert zum Développement vu jonke Leit och eppes aneschtens ze gesi wéi eist klengt Land an och deenen anere Leit ze hëllefen. Duerfir wäert d'Fraktioun vun der Demokratescher Partei deen heiten Text och stëmmen.

Ech soen Iech Merci.

» **M. le Président.** - Merci, Här Bettel. Et ass elo un der honorabelen Madame Dall'Agnol.

» **Mme Claudia Dall'Agnol (LSAP).** - Merci, Här President. Madame Minister, léif Kolleeginnen a Kolleegen, d'sozialistesche Fraktioun begréisst am Prinzip all Projet, deen et jonke Leit erlaabt fir Erfahrungen ze sammelen oder hiren Horizont ze erweidieren.

Allerdéngs hu mer bei dësem Projet de loi och eenzel Bedenken. Bedenken, déi ech och schonns an de Kommissiounsdiskussionen ugefouert hat an déi mer och zum

Deel mat der Arbeiterkammer deelen, déi jo e ganz harschen Avis zu dësem Projet de loi geschriwwen hat.

Ech hunn dunn och Récksprooch mat deene Responsabele vun deem Avis geholl, well mer an der Kommissioun geäntwert gi war, datt déiselwecht Arbeiterkammer 1999 eigentlech e ganz positiven Avis ofginn hat zum aktuelle Gesetz vum 28. Januar '99.

Déi Responsabel hu mer du gesot, datt se sech nach ganz gutt un dat Gesetz kéinten erënneren an natierlech och un hire respektiven Avis, mä datt hiner Meenung no sech zënter '99 awer eng ganz Rei Saache geännert hunn. Vill ass geschitt an d'Prémissé sinn nun emol anescht wéi deemools. An ausserdeem ass d'Haaptkritik och vun der Arbeiterkammer d'Aféiere vun engem Service volontaire d'orientation, an déi gouf et jo bis elo och mam aktuelle Gesetz nach net.

Ech mengen, datt jonk Leit sech selwer verstärkt Gedanke maachen iwwert hir Zukunft an net méi einfach, wéi dat fréier war, de Politiker déi ouni ze murren an d'Hand leeën. Dat huet eis spéitstens d'Diskussioun beim 5611 gewisen. Ech géif och mengen, datt dat doten zum Gléck eppes wier, wat zënter '99 geännert gouf, wou dat heitegt Gesetz gestëmmt gouf.

Mir sinn hei mat engem Projet de loi befaasst, deen eiser Meenung no gutt gemengt ass, mä wou mir Sozialisten awer Zweifel hunn, ob en den Effekt huet, dee sech eigentlech dovunner erwaart gëtt. Ech erkläre mech.

Et betrëfft eigentlech virun allem dee Service volontaire d'orientation. Do solle jo Jonker, déi opgehale hu mat der Schoul, eigentlech eng weider Offer kréien tëschent Schoul respektiv Berufswelt. D'LSAP ass der Meenung, datt ebe grad genau dës jonk Leit ee geziilt, ee speziellen Encadrement bräichten, mat Suivi. Dee Projet dréit dëse Besoinen net Rechnung. An zweetens menge mer och, datt déi Leit och e professionnelle Rot a Saachen Orientatioun a Réinsertion professionnelle oder Insertion professionnelle brauchen.

Ech mengen och, datt et schwéier ass engem Jonken hautdësdays eng Aarbecht schmackhaft ze maachen, déi net oder nëmme mat engem Täschegeld rémunéréiert gëtt. An och wann Erfahrung sammele sécher herno en Atout a sengem CV ass a fir den Aarbechtsmarché duerstellt, esou weess ech net, ob dat doten dach duergeet, fir genau déi dote Jonk ze cibléieren, déi et awer ganz sécher am meeschten néideg hätten.

Dann ass de Service jo och volontaire. Dat heescht, d'ADEM, de Service national de la Jeunesse oder wien och ëmmer, déi kënne jo eigentlech keen zwängen hei matzemaachen. Wat sinn dann d'Sanktiounen, oder wat geschitt, wann een décidéiert, hie wëllt hei net matmaachen, dat géif him näischt soen?

Eng aner Suerg, a mir kennen dat jo och aus der Diskussioun ëm déi fréier DATen, spéider CATen an elo CAEen, datt dacks Jonker, amplaz eng Formatioun ze kréien an engem Betrib, déi se gebraucht hätten, eigentlech just déi Aarbechte gemaach hunn, déi soss kee wollt maachen oder fir déi och keen Zäit hat. Genau dës Aarbechten hunn awer ganz oft guer keen éducativen Nährwäert gehat. A genau dëst ass et, wat ebe mam Projet de loi, dee mer haut solle stëmmen, net nach eng Kéier därerf virkommen.

Jonker dāerfen net mëssbraucht ginn als supplémentāert Personal, well se bëlleg sinn, well se schnell disponibel sinn. Nëmme wann also garantéiert ass, datt dat net nach eng Kéier geschitt, an am Virfeld probéiert gëtt, dat eigentlech ze verhënnere an et och duerno weiderhi kontrolléiert gëtt, da kënne mir dee Projet hei sécherlech matdroen. Mä wéi gesot, Kontroll respektiv ze kucken et am Virfeld eben ze hënneren ass hei awer néideg.

Eng aner Fro, wann ech mech richteg erënneren - déi konnt mer an der Kommissioun net beäntwert ginn -, dat war déi, ob de Service volontaire géif ugerechent gi fir d'Pensioun. Ech huelen un, datt d'Madame Minister eis déi Informatioun herno nach kann noliwweren.

No dëse Remarquen, nämlech datt mir als LSAP verlaangen, datt ebe streng kontrolléiert gëtt an och no enger Zäit evaluéiert gëtt, wat jonk Leit am Kader vun dësem Projet maachen, an ob et hinnen dann och wierklech dat bréngt, wat mir eis haut, wa mer dëse Projet de loi stëmmen, erwaarden, ginn ech den Accord vun de Sozialiste fir dëse Projet.

Ech wëll awer net vergiessen der Rapportrice Nancy Arendt fir hir Aarbecht an hir Méi Merci ze soen, an lech alleguerte fir d'Nolauschteren.

Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Madame Dall'Agnol. Den honorabelen Här Adam ass de leschten agedroene Riedner.

» **M. Claude Adam (DÉI GRÉNG).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, zënter datt d'Gesetz vum 28. Januar 1999 iwwert de Service volontaire a Kraaft getrueden ass, hunn eng 130 Jonker aus Lëtzebuerg un engem Projet vum Service volontaire deelgeholl. 157 Jonker aus dem Ausland hunn hei zu Lëtzebuerg un engem Projet deelgeholl. Ob dat elo schonn e fort Succès ass oder net, doriwwer léisst sech streiden.

Am neie Gesetz sinn op alle Fall eng Rei Démarchë méi einfach gemaach ginn. Och d'Zäitspan, wou een esou ee Projet matmécht, ass elo ëm d'Méiglechkeet vun engem Projet vun nëmme dräi Méint erweidert ginn, esou datt mir hoffen, datt nach dāitlech méi Jugendlecher vum Service volontaire profitéiere wāerten.

Et ass haut schonns vill iwwert déi positiv Aspekter vun esou engem Jugendaustausch a vun esou engem Engagement vu Jugendleche gesot ginn. Wann een de Feedback vun deene Jonke liest, da schéngt jo och alles perfekt ze sinn. «J'ai fait de nombreuses expériences positives et pas une seule négative», seet de Joschka. D'Martine mengt, datt déi positiv Erfahrung bei Wāitem déi negativ Erlebnisser iwwertreffen. Datselwecht ass beim Elodie an dem Arnaud de Fall. Esou steet et op alle Fall um Flyer vum SNJ ze liesen.

De Service volontaire, souwāit en an dësem Gesetz definéiert gëtt, ass eng gutt Saach. Mir begrëssen och d'Ouverture vum Service volontaire op staatlech Organismen an Organisatiounen. Mir hunn allerdéngs eis Problemer - grad wéi och d'Virriedner, virun allem och d'Madame Dall'Agnol - mat der Erweiterung vun de Programmer fir sougenannt defavoriséiert Jugendlecher, zum Beispill Jugendlecher, déi d'Schoul ofgebrach hunn an ouni Aarbecht dostinn. Net well mer drun zweifelen, datt ee besonnesch fir dës Jugendlecher Effortë muss maachen, wat den Encadrement an d'Motivatioun ugeet. Mir froen eis einfach, ob dës Ouverture ka fonctionnéieren.

Mir packen hei eigentlech zwou verschidde Saachen an ee Gesetz. Engersāits schwātze mer vu motivéierte bis ganz héich motivéierte Jugendlechen, déi sech duerch de Service volontaire wëlle fir eng gutt Saach engagéieren an einfach d'Welt kenne léieren. Dat si Jugendlecher, déi zum Beispill no hirem Ofschloss vum Secondaire nach wëllen Erfahrung maachen, ier se sech definitiv op ee Studium festleeën. Anerssäits schwātze mer vun demotivéierte Jugendlechen, déi eigentlech keng Loscht op näischt hunn, an déi et géllt erëm nei ze motivéieren, hinnen ze hëllef en Sënn am Liewen ze entdecken. Mir froen eis, wéi dësen zwou ënnerschiddleche Missiounen soll Rechnung gedroe ginn, wéi dat soll gewiicht ginn. Wiwill Ressourcen - mënschlecher a finanzieller - maache mer fir déi eng Missioun frāi? Wiwill fir déi aner?

Mir wieren eis net géint dësen neien zousätzlechen Aspekt, deen de Service volontaire kritt. Mir wieren awer frou, wa mer an der Chamber géifen eng Réckmeldung kréien, wéi déi zwee Volete sech entwéckelen. Ech ginn dervun aus, nodeem wat d'Madame Dall'Agnol gesot huet, datt Der déi Motioun, déi ech elo wāert déposéieren hei, wāert mat ënnerstëtzen.

Mir froen einfach, datt mer no drāi Joer eng Evaluatioun maache vun den Effete vun dësem Gesetz. A wann déi gewëss Allergie, déi ee Regierungsmember schonn de Mëtteg beim Wuert «Évaluation» gewisen huet, och hei sollt stéieren, da kéinte mer dat och e «Bilan intermédiaire» nennen. Dat wier fir mech och an der Rei.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

» **Une voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Evaluatioun steet dran?

» **M. Claude Adam (DÉI GRÉNG).** - Jo, et steet elo Evaluatioun dran. Mä wann dat lech stéiert, da kënne mer och ee Bilan intermédiaire doraus maachen.

Motion 1

La Chambre des Députés,

- considérant que le nouveau texte du projet de loi sur le service volontaire des jeunes prévoit l'ouverture du service volontaire à des organismes ou organisations gouvernementales;

- considérant que cette ouverture permettra d'introduire des programmes plus spécifiques destinés à certains jeunes notamment en situation de décrochage scolaire et sans occupation;

- considérant que cette ouverture signifie une extension des objectifs du service volontaire;

- constatant que le texte du projet de loi ne prévoit aucune évaluation ou évaluation intermédiaire de ses effets après une période donnée;

invite le Gouvernement

- à procéder à une évaluation intermédiaire de ses effets, trois ans après l'entrée en vigueur de la présente loi.

(s.) Claude Adam, François Bausch, Camille Gira, Jean Huss, Viviane Loschetter.

» **M. le Président.** - Très bien, Här Adam. Merci. D'Madame Minister Marie-Josée Jacobs huet d'Wuert.

» **Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille et de l'Intégration.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech géif och wëllen an dësem Fall der Rapportrice, der Madame Nancy Kemp-Arendt, en hāerzleche Merci soe fir hir Ausféierungen an hir Explikatiounen iwwert dëse Gesetzesprojet. Ech géif, ier ech dozou e puer Wieder soen, awer wëllen op déi Froen oder déi Bemierkungen agoen, déi hei vun den honorabelen Deputéierte gemaach goufen.

Mir gi selbstverständlech deene Membere vun der Familljekommissioun de Reglement vun der Commission d'accompagnement. Dat ass fir mech kee Problem. De Rapport an d'Evaluatioun, dat ass zum Deel och dat, wat elo den Här Adam gefrot huet. An, Här Adam, Dir wosst lech ze erënneren, datt mer eng Diskussioun an der Kommissioun och haten, wéi mer deen anere Projet iwwert d'Jugendpolitik presentéiert hunn, an deem mer virgesinn hunn, datt all fēnnef Joer géif e Rapport gemaach ginn.

Mech stéiert dat awer net. Dir kënnt dat Evaluatioun nennen. Dir kënnt dat Rapport nennen. Dir kënnt dat nennen, wéi Der wëllt. Mir si gāre bereet, fir lech och no drāi Joer déi Explikatiounen ze ginn, déi Der gāren hātt. Oder et kann ee sech och an dār nächster Kommissioun nach eng Kéier doriwwer ënnerhalen.

Wéi gesot, ech gehéieren zu deene Leit, déi mengen, datt et wichteg ass, datt een Evaluatiounen mécht, well nēmme wann een déi mécht, da stellt een och fest, ob dat eppes bruecht huet oder net. Dat zielt och fir déi Aussoen, déi d'Madame Dall'Agnol gemaach huet. Ob dat am Service d'orientation oder ob dat am Service volontaire européen ass, fir mech ass et kloer, datt een ëmmer muss kucken, wat derbāi erauskomm ass.

Ech muss soen, datt ech ganz gutt Erfahrung gemaach hu mat deene Gesetzter, bei deene mer dat gemaach hunn. Dat ass eng Kéier iwwert d'häuslech Gewalt gewiescht, dat ass iwwert de Surendettement gewiescht. Nēmme wann ee wierklech kuckt, wat derbāi erauskomm ass, weess een, wat ee muss änneren. An da weess een, wat gutt ass oder wat een eventuell nach soss muss maachen.

Ech wëll awer soen - an ech war awer e bēs-selchen iwwert déi kritesch Ausso vun der Madame Dall'Agnol iwwerrascht -, datt mer dee Service volontaire d'orientation ënner anerem och op d'Demande hi vun der Éducation nationale maachen. Well si selwer och gesinn, datt se mat deene Saachen, déi si hunn, mat deene Méiglechteeten net ëmmer onbedéngt eppes errechen. Duerfir hu mer och en Encadrement spécifique, dee virgesinn ass fir déi Leit, fir datt mer se ebe just net esou do lafe loossen an da soen, hei déi kënne elo fir näischt an d'Altersheem Grompere schiele goen. Dat ass net de Sënn dovun.

Ech wëll och soen, datt d'Demanden, déi do sinn, net Äre Befierchtungen entsprechen, well et si ganz vill Demanden do vu Jugendlecher. Elo ass dat ugefaange ginn, mä wéi gesot, ech si gāre bereet, fir och herno eng Kéier hei lech doriwwer Bericht ze erstatten.

Dat, wat mer an der Kommissioun eng Kéier awer beäntwert haten, dat ass, datt déi Zäit

unerkannt gëtt fir d'Pensiounen. Dat ass och selbstverständlech keng forcéiert Moossnam, déi do gemaach gëtt. Also, et ass en Angebot, en zousätzlecht Angebot fir déi Jugendlech. Duerfir kann et selbstverständlech och keng Sanktiounen ginn. Wann déi Jugendlech dat net wëllen unhuelen an dat net wëlle maachen, dann ass dat hir Responsabilitéit.

Mā ech denken, besonnesch deemno wien et ass, muss een dat au cas par cas kucken. Et si jo ënnerschiddlech Jugendlech. Et sinn der derbāi, déi eng ganz Partie vu Schoule gemaach hunn, et sinn der derbāi, déi d'Schoulen net alleguerte gemaach hunn. Duerfir mengen ech, datt een ëmmer erēm muss kucken au cas par cas, wéi dat ausgesāit.

Duerfir hu mer och zousätzlecht Personal kritt, Här Adam...

(Interruption)

Ech wollt lech just äntwerten op eng Fro, déi Dir mer gestallt hutt.

» **M. Claude Adam (DÉI GRÉNG).** - Dat ass léif. Merci.

» **Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille et de l'Intégration.** - Mir hunn zousätzlecht Personal just fir de Service volontaire d'orientation, eng Kéier hei an der Stad, dann awer och op regionalem Plang, fir mat deenen Träger, déi do a Fro kommen, besser kënne ze kucken, fir also och do kënne déi richtig Leit op déi richtig Plazen hīnzeschécken.

Voilà, Dir Dammen an Dir Hären, ech géif awer gāre wëllen nach e puer Wieder soen iwwert dat Gesetz, wat haut...

(Interruption)

Ech hunn lech, Här...

(Interruption)

Majo dach, ech hunn ewell drāimol gesot, datt ech d'accord sinn.

» **M. le Président.** - D'Madame Minister ass dorop agaangen.

» **Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille et de l'Intégration.** - Also, ech hunn dat Gefill, den Här Bettel fānkt un esou schick ze schwātzen, hie versteet mech bestēmt iwwerhaapt net méi. Et ass wahrscheinlech éischer dat. Mā wéi gesot, op déi Fro hunn ech sécher geäntwert, duerfir...

(Interruption)

» **Une voix.** - Liest de Compte rendu!

(Hilarité)

» **M. le Président.** - Liest de Compte rendu, Här Bettel, dann ass d'Saach an der Rei. Madame Jacobs, fuert Dir weider!

» **Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille et de l'Intégration.** - D'Gesetz iwwert de Service volontaire, dat ass aus eiser Siicht jiddefalls eent vun deene wichtige Gesetzter an am Fong d'Suite vun deem, wat mā Virgānger, den Alex Bodry, 1999 ewell eng Kéier hei an der Chamber erabruecht huet, wat och gestēmmt ginn ass...

(Brouhaha général et coups de cloche de la Présidence)

...a wou mer eng Kéier konnt en op d'Besoinë vun deene Jugendlechen agoen, an anerersāits awer och déi Prioritéiten ëmsetzen, déi d'Jugendpolitik haut op europäeschem Niveau huet.

Effektiv sinn de frāiwëllegen Asaz am Allgemengen an de Service volontaire am Spezielle grouss Themen um europäesche Plang. De Volontariat ass ee vun deenen Domānen, wou an der europäescher Jugendpolitik d'Méthode ouverte de coordination ugewannt gëtt. Ënner anerem soll de Frāiwëllegendéngscht vun de Jugendleche besser promovéiert an och encadréiert ginn, a mat dësem Gesetz maache mer e grouse Schrëtt an d'Richtung vun dëse gemeinsamen Objektiver.

No dem Gesetz vun 1999 hu mer awer vill Erfahrung gemaach an duerfir ass et och wichteg, datt mer verschidden Adaptatiounen maachen an datt dat elo an dat neit Gesetz hei agefloss ass. Mir hu festgestallt, datt d'Motivatiounen vun deene Jugendlechen, fir e Frāiwëllegendéngscht ze maachen, ganz verschidde sinn. Am Gesetz vun 1999 gouf den Dégŕsch un der Allgemengheet als Haaptmotivatioun gesinn an dat ass sécher och haut nach ëmmer eng wichteg Motivatioun.

Ech denken do un déi Jugendlech, déi e Frāiwëllegendéngscht an enger sozialer Ariichtung leeschten, wéi zum Beispill am Institut St-Joseph zu Betzder. Do schaffe

jonk Fräiwëlleger mat de Behënnerten am Beräich Fräizäit zesummen. Si organiséieren Theater- a Museksaktivitéiten an hunn en Treffpunkt agericht, wou Behënnerten an Netbehënnerten sech begéine kënnen.

Een anere flotte Projet ass am Uelzechtdall, wou sech Fräiwëlleger am intergeneratiounelle Beräich engagéieren. Do ass ee rezente Projet, fir eelere Leit d'Europäesch Unioun méi no ze bréngen. Si maachen dat, andeems se zesumme mat den eelere Leit kulinaresch Owender mat Spezialitéiten aus ganz Europa organiséieren, Danzateliere mat folkloristeschen Dänz offréieren oder Quizshowen zu deem Thema animéieren. Dat Ganzt huet e grouse Succès.

Et gëtt awer och Jugendlecher, déi am Ausland aktiv sinn, zum Beispill an engem Naturschutzgebitt a Griichenland, wou jonk Lëtzebuerger wichteg Déngschter gelescht hunn. Si hunn do geholf, rar Geieren an d'Grenzgebitt zwëschent Griichenland a Bulgarien ze bréngen.

Allerdéngs hunn déi Jugendlech nach aner Grënn, Fräiwëllegendéngscht ze maachen. Vill vun hinne gesinn et als eng Méiglechkeet, fir nei Erfahrungen ze sammelen. Et sinn déi, déi no der 13^e oder 1^{re} an engem Gebitt schnuppere wëllen, ier se sech fir e Studium an enger bestëmmter Fachrichtung engagéiere wëllen.

Ech denken dobäi un eng jonk Lëtzebuergerin, déi éischt intensiv Erfahrungen an der Behënnertenaarbecht a Spuenien gesammelt huet an déi sech duerno fir e Studium an der Ergonomie entscheet huet.

Aner flott Beispiller, déi ewell hei ervirgeruff gi sinn, sinn déi am Kader vum Kulturjoer, wou 20 jonk Leit aus verschiddenen europäesche Länner dem Robert Garcia seng Equipe verstärkt hunn. Si hunn do eng ganz Rei vun Experienze gemaach a sech duerno entweder fir e Studium am kulturelle Beräich decidéiert, oder anerer hunn erausfonnt, datt dat Kulturellt net onbedéngt hiren Domän wier an hu sech ebe just fir eng aner Richtung entscheet. An deenen zwee Fäll hat de Fräiwëllegendéngscht dëse Jonken ouni Zweifel eppes fir hiert spéidert Liewe bruecht.

Beim Fräiwëllegendéngscht am Kader vum Kulturjoer ass et och interessant ze gesinn, datt ewell dräi vun deene Jugendlechen eng Plaz fonnt hunn opgrond vun hiren Erfahrung bei 2007, a bis elo ass dat jo nach ëmmer um Fonctionnéieren.

Et kann een also roueg behaapten, datt de Fräiwëllegendéngscht eng Orientéierungshëllef ass fir spéider Studien oder och fir engem seng Carrière. Et gëtt och Jugendlecher, déi de Fräiwëllegendéngscht notzen, fir sech op zousätzlech Studien ze preparéieren.

Mir hunn zu Eeselbur an engem vun de Centres vum Service national de la Jeunesse Fräiwëlleger aus Lëtzebuerg, mä och aus Europa, fir e Fräiwëllegendéngscht am Beräich vum Videofilm. Si iwwerhuelen Deeler vun der Animatioun vu Jugendgruppen an assistéieren aner Jonker beim Léieren am Ëmgang mat der Videokamera. An dësem Fräiwëllegendéngscht kréie si d'Geleeënheet, op semi-professionellem Material ze schaffen a sech e sougenannten Dossier unzeleeën. Dësen Dossier erlaabt et hinnen herno, den Accès op eng Filmschoul ze kréien, deen ouni dat net méiglech wier.

De Fräiwëllegendéngscht ass awer och eng Méiglechkeet fir Formatioun. Iwwerhaupt leet d'Gesetz Wäert op d'Volete vun der Formatioun a vun der Validatioun, woumat mer erëm eng Kéier op dat aginn, wat hei eng Partie vun de Virriedner gefrot hunn.

Mat Formatioun menge mir speziell Formatiounsstagen, déi dee Fräiwëllegen am Kader vu senger Aktivitéit ugebuede muss kréien. Gemengt sinn awer och d'Léierméiglechkeeten, déi de Fräiwëllegen a senger Aktivitéit selwer kréie muss. Derniewent ass ee wichtege Punkt, dem Fräiwëllege seng Aktivitéit ze dokumentéieren, an dat ass och dat, wat hei gefrot gouf. Domat soll hatt oder hien d'Méiglechkeet kréien, seng Erfahrungen als Fräiwëllege spéider ze notzen, zum Beispill wann en eng Studien- oder eng Aarbechtspolz sicht.

An de Beispiller geet vill Rieds vun Europa, wat dohier kënnt, datt Lëtzebuerg beim europäesche Programm Jeunesse en action matmécht. Dëse Programm finanzéiert den Austausch vu Fräiwëllegen am Kader vum Service volontaire européen an de Länner vun der Europäescher Unioun, mä och do-riwwer eraus. Dat huet d'Madame Kemp-Arendt och hei opgezielt.

Effektiv hunn ewell e puer Jonker de Fräiwëllegendéngscht an engem Entwécklungsland gelescht, zum Beispill a Bolivien am Kader vun engem Projet vun enger Lët-

zebuerger ONG. De Programm Service volontaire européen gëtt also ville Jonken d'Méiglechkeet, en neit Land intensiv kennen ze léieren, an d'Méiglechkeet bis zu engem Joer an engem frieme Land ze wunnen an aktiv ze sinn, wat natierlech en zousätzlechen Ureiz ass, fir e Fräiwëllegendéngscht ze maachen. Dat zumools fir déi Jonk, déi net d'Chance hunn, am Ausland ze studéieren.

D'Motivatioun vum deene Jugendleche si villfältig a sécher spillen déi verschidden Aspekter wéi den Engagement fir d'Gemeinschaft; d'Méiglechkeet, nei Aktivitéitsfelder ze entdecken; d'Léiere vun neie Fäegkeeten an de Virwëtz op nei Länner bei all Volontaire eng Roll.

Bei de Beispiller...

(Coups de cloche de la Présidence)

» **M. le Président.** - Ech bieden ëm Opmierksamkeet fir d'Ausféierunge vun der Madame Minister!

» **Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille et de l'Intégration.** - Merci, Här President.

Bei de Beispiller, déi ech genannt hunn, geet vill vu Jugendleche Rieds, déi studéiert hunn oder studéiere wëllen. Si hunn also en éischter héijen Ausbildungsniveau, an och do ass gefrot ginn, ob dat sech gutt matenee kombinéiere léisst.

De Fräiwëllegendéngscht soll sech awer net nëmmen op déi Jugendlech konzentréieren, déi en héijen Ausbildungsniveau hunn. Duerfir hu mer zënter dem 1. Oktober deen neie Programm lancéiert vum Service volontaire d'orientation, dee sech virun allem u Jonker riicht, déi keng esou eng héich schoulesch Ofschlëss hunn a sech nach net esou am Klore sinn, wat se eigentlech fir d'Zukunft wëllen.

Déi Jugendlech, un déi mer eis domat riichten, sinn dacks manner mobil, an duerfir gëtt dëse Programm ausschliesslech hei am Land organiséiert. Den Echo op dësen neie Programm ass ganz positiv, an en éischte Grupp vun 20 huet virun enger Woch säi Fräiwëllegendéngscht ugefaangen. Mir versprechen eis vill vun dëser Moossnam, wou speziell vill Wäert op eng individuell Orientéierungshëllef a Formatioun geluecht gëtt, an déi och méi intensiv encadréiert ginn, wéi déi aner Jugendlech.

Mir hunn an deene leschte Jore festgestallt, datt mir méi Asazméiglechkeete brauchen. Duerfir hu mer eis elo net nëmme méi op d'A.s.b.l.e beschränkt, obschonnns déi och viru wäerten d'Hauptacteurs am Beräich vum Fräiwëllegendéngscht bleiwen. Alledéngs kënnt et awer och vir, datt Gemengesyndikater, Gemengen oder och staatlech Verwaltungen interessant Projeten ubidden. Bei dësem Gesetz kënne si dat och maachen, a mir wäerten an Zukunft méi drop kucken, wat fir eng Projeten et sinn, wéi op de Statut vum Träger.

Et gëtt vill Organisatiounen, déi am Fräiwëllegendéngscht schaffen. Dat gëllt virun allem fir d'Ausland, wou et zu engem Deel och vill méi laang Traditiounen am Beräich vum Fräiwëllegendéngscht gëtt. An Däitschland gëtt et d'„freiwilliges Sozialjahr“ an d'„freiwilliges ökologisches Jahr“. A Frankräich gëtt et och eng Rei Gesetzter, déi verschidden Type vu Fräiwëllegendéngschter regelen. Derniewent gëtt et grouss international Organisatiounen, déi fräiwëlleg Déngschter op der ganzer Welt ubidden, an dat zu ganz verschidene Konditiounen. Dat kënnt Der alles, wann Der wëllt, um Internet nokucken.

Leider sinn d'Offeren net ëmmer seriö. Dat hu mer misse feststellen an deene leschte Joren. Et kour vir, datt Jugendlecher sech bei Organisatiounen engagéiert hunn, déi kee wirklechen Encadrement garantéiert hunn, wou hir Tâchen an hir Responsabilitéiten net kloer waren, wou de Kader also net gestëmmt huet.

Eis geet et mat dësem Gesetz drëm, Mindeststandarde festzesetzen, déi deem Fräiwëllegen e Minimum u Sécherheet ginn. D'Gesetz preziséiert - méi wéi dat vun 1999 - a gesäit d'Konditiounen vir, fir um Niveau vun den Assurancen an der sozialer Ofsécherung, mä och um Niveau vun der Formatioun an dem Encadrement aktiv ze ginn. De Fräiwëllege muss och am Virus méi genee wëssen, op wat hien oder hatt sech aléisst a wat vun him verlaangt gëtt. Dat alles gëtt och méi genee gekuckt, woubäi de Service national de la Jeunesse eng Kontrollfonction ausübt.

Mindeststandarde si wichteg, fir déi Jonk ze schützen. Mir hu momentan e Programm fir hei am Land an e Programm fir Europa, mä mir sinn elo amgaang ze iwwerleeën, ob et méiglech ass, fir och zousätzlech iwwer Europa eraus an den Entwécklungslänner Pro-

jeten ze engagéieren. Et ass ganz vill Interessi do, sougutt vun de Jugendleche wéi och vun den ONGen. Do gëtt och d'Gesetz eis hei d'Méiglechkeet derfir.

Fir ze résuméieren, sinn ech frou, datt mer mam neie Gesetz nei Ouverturë kréien, méi Wäert op d'Formatiounsméiglechkeete leeën, e besseren a méi prezise Kader fir de Fräiwëllegendéngscht kréien an domat am Interessi vun de Jugendleche geschafft hunn.

Ech soen lech alleguerte Merci fir Är Interventiounen a soen lech nach vill méi Merci, wann Der och nach de Gesetzesprojet stëmmt!

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Madame Minister.

Mir kommen zur Ofstëmmung.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5618 ass mat 57 Jo-Stëmmen uegohll, bei kenger Nee-Stëmm a kenger Abstentioun.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner (par M. Marcel Oberweis), Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen (par Mme Sylvie Andrich-Duval), MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert (par M. Laurent Mosar), Mme Francoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

M. Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Carlo Wagner), M. Emile Calmes (par M. Charles Goerens), Mme Colette Flesch (par M. Paul Helminger), MM. Charles Goerens, Henri Grethen (par M. Xavier Bettel), Paul Helminger et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen (par M. Robert Mehlen), Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

Motion 1

Wat d'Motioun vum honorabelen Här Adam ubelaangt, mengen ech d'Madame Minister richteg verstanen ze hunn, dass se déi unhëlt, trotz dem Term vun der Evaluatioun, deen dra figuréiert.

» **Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille et de l'Intégration.** - Ech hat keng Zäit, fir se nach all ze liesen, mä wann dat drasteet, wat den Här Adam gesot huet, da sinn ech domat d'accord.

» **M. le Président.** - Eng Evaluatioun no dräi Joer, an ech mengen, dat hutt Dir jo och gesot. Mir stëmme par main levée of.

Vote

Wie mat der Motioun d'accord ass, ass gebieden d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

Dem Här Adam seng Motioun ass eestëmmeg uegohll.

Mir kommen dann zum leschte Punkt vun eise Ordre du jour, d'Kont vum Service intérieur vun der Chamber. Den honorabelen Här Camille Gira presentéiert dës Konten.

6. 5777 - Comptes du service intérieur de la Chambre des Députés pour l'exercice 2005

Rapport de la Commission des Comptes

» **M. Camille Gira (DÉI GRÉNG), rapporteur.** - Här President, Dir Dammen an Dir Härren, ech maachen dëse Rapport am Numm vun der Kontekommissioun, enger erëm operstanener Commissioun.

Dir kënnt lech vläicht erënneren, dass d'Kontekommissioun en Eegeliwwen hat bis d'Joer 2004, bis gemengt gi war, et wär am Sënn vun enger méi effizienter Organisatioun vun eise parlamentareschen Aar-

bechte sënnavoll, se mat der Budgetskontrollkommissioun ze fusionéieren, bis dann e puer Joer méi spéit festgestallt ginn ass, dass an der Budgetskontrollkommissioun ganz vill Leit sëtzen, déi och am Büro sinn. A well de Büro eigentlech politesch responsabel ass fir dat, wat hei mat de Gelder geschitt, ass dunn awer erëm gemengt ginn, et wier méi sënnavoll, eng eegestänneg Commissioun ze maachen.

Heimadder leet dës Commissioun dann hiren éischte Rapport iwwer ee Joergang of, an zwar dee vun 2005. Ech erspueren lech elo d'Opziele vun den honnerte vu Chifferen, déi Der souwisou net géift verhalen. Déi Chiffere sinn am Detail am schrëftleche Rapport nozeliesen. Si sinn och schonn in extenso an der Press deelweis kommentéiert ginn, esou dass ech mech wierklech hei kann op e puer Gréissenuerdnunge beschränken an e puer allgemeng Bemerkunge maachen.

Wann Der de Bilan kuckt, da stellt Der fest, dass den Aktiv an de Passiv e Chiffer vu ronn 11,5 Milliounen Euro duerstellen, wou virun allem ze bemerken ass, dass mer amgaang sinn, lues a lues als Chamber eis eng kleng Mouk unzesammele vu ronn 7,5 Milliounen Euro, déi bei där enger oder anerer Geleeënheet eventuell kann nützlich sinn.

Beim Kont vun de Revenus et charges stellt ee fest, dass mer ongeféier 25 Milliounen Euro Crédit budgétaire vun der Regierung kritt hunn; also ronn 1 Milliard aler Lëtzebuerger Frangen. Virun allem fällt awer do op, dass mer 2005 e Boni vun 1,9 Milliounen Euro gemaach hunn. Dat virun allem, well eng ganz Rei Projeten, déi virgesi waren am Informatiksberäich, net an deem Joer gemaach si ginn.

Interessant ass natierlech ëmmer ze kucken, wéi dann d'Fraisé vun der Chamber evaluéieren. Wann een den Tableau kuckt tëscht 2004 an 2005, esou stellt ee fest, dass - en aussergewöhnleche Phenomeen an enger öffentlecher Instanz - d'Depensé vun 2005 par rapport zu 2004 ëm ëmmerhin 11,84% zrëckgaange sinn. Elo muss een awer éierlechkeetshalber soen, dass natierlech 2004 Suen ausbezuelt si ginn, fir de Wahlkampf ze finanzéieren. Mä souguer wann een dee Chiffer vu ronn 1,6 Milliounen Euro ofzitt, dann ass awer e Minus vu 6% feststellen.

Mir kënnen also mat rouegem Gewëssen hei, Här President, der Regierung op d'Fanger klappen, wann et heescht effikass mat öffentleche Gelder ëmzegoen an och weider Spuermoossname bei sech selwer anzeleeden. Mir kënnen dat mat rouegem Gewësse maachen, well mir och, mengen ech, an deene leschte Joren hei alles probéiert hunn, fir déi Suen, déi mer vun der Regierung kréien, esou effikass wéi méiglech ze gestalten. Et kann ee jo net soen, dass mer 2005 méi schlecht geschafft hätten, wéi 2004. An awer hu mer et fäerdeg bruecht, dat mat 6% manner Geld ze maachen.

Ganz kuerz da vläicht déi eenzel Sektionen.

D'Sektioun A. Dat sinn d'Indemnitéiten, déi un d'Deputéierte ginn. Dat ass, mengen ech, dee gréisste Batz. Do fällt op, dass mer praktesch 180.000 Euro manner Dépenses hunn. Elo freet ee sech: Wéi ass dat da méiglech? Majo, hu mir op eemol nëmme méi 59 Deputéierten? Mä och dat huet mam Wahljoer 2004 ze dinn, well do eng Rei Indemnités de départ bezuelt si ginn un Deputéierten, déi entweder net méi erëmgeewelt si ginn oder opgehal hunn.

Da komme mer bei d'Sektioun B. Dat sinn déi international parlamentaresch Institutiounen. Dee Chiffer ass ganz zolidd eropgaangen. Mä och do gëtt et eng ganz einfach Erklärung. Dat ware sechs Méint Lëtzebuerger Présidence, wou natierlech och d'Parlament probéiert huet seng Roll ze spillen a vläicht déi eng oder aner Réunion mat Parlamentarier aus der EU oder soss Institutiounen weider organiséiert hat wéi d'Jore virdrun.

Bei de Groupes politiques, e Chiffer vu ronn 1,8 Milliounen, gëtt et net ganz vill ze vermellen.

D'Sektioun D, d'Personal: ronn 5 Milliounen Euro. Ech wëll vläicht nach eng Kéier drun erënneren, dass dëst Haus weiderhin e